

## Lëtzebuergesch méi grouss gesinn

Wéi mir 1982/83 an der Spezial-Commissioun um „avant-projet“ fir eist Sprooch(e)gesetz geschafft hunn, war kloer, datt **déi legislativ Initiativ net nëmme fir „heibanne“** wier, mä och eng Wierkung op eist „Gesicht“ bausst eise Grenzen hätt. Gewëss, Lëtzebuerg an seng Sprooch waren, grad wéi 1941, vun Neo-Nazien an hirer „Soldaten-Nationalzeitung“ duerch den Dreck geschleeft ginn. Eis Autoritéiten haten dorophon, no enger „Motioun“ vun den „Enrôlés de force“ an der Chamber, och an der Bundesrepublik reklamméiert. Dat war och gutt esou, ower dobäi ass et bliwwen. Wéi hat den Diplomat a spéidere Reichskanzler Bethmann-Hollweg ewell 1914 iwver esou „Gedéngels“ vun deem knatzege Lëtzebuerg gesot: *Verträge sind ein Fetzen Papier!* E schrëftleche Protest ass 1981 an

vum Lex Roth



(Foto: Teddy Jaans)

deem Sënn also och nach net emol e Confetti wert gewiescht! D'Actioun-Lëtzebuergesch ass verbruet dohannert bliwwen, datt eis Sprooch hir Gerechtegkeet als nationaalt Identitéitselement sollt kréien. D'Saach ass geroden! Gewëss, d'Ëmstänn ware ganz anerer, ower hätte „mir“ nom Schoulgestetz vun 1912 ë. a. mat eiser Sprooch eis souverän Identitéit konsequent ënnermauert, da weess nach keen, ob de Liliput-Staat Lëtzebuerg deemools, natierlech och ëm 1940, net anescht gekuckt a behandelt gi wier. D'Nazi-Fatzerten haten emol net esou 100 % Onrecht, wéi et geheescht huet: *Ihr betet deutsch, also...;* déi Escher Alzette-/Graben-/Kohlenstraße, déi Wëlzer Brunnenstraße a Scheergasse waren ë. a. och alt net grad gëlle Bewäisstäcker fir eis Eegestännegkeet... eis Zi-


vilakte waren op däitsch, asv. asw.! Eist Sprooch(e)gesetz vun 1984 guff a gëtt äis definitiv e legaal Mëttel, fir och „dobaussen“ ze ënnersträchen – esouguer ze beweisen – datt d'Lëtzebuergesch zu eise kulturelle „Gesicht“ gehéiert!

**Op engem vun deene leider! bekanntste Monumenter vun der Welt ass dat och elo zu Auschwitz-Birkenau de Fall.**

Dee gewielte Saz, deen do an 20 Sproochen op bronze Placken ënne bei dem kolossalen Erënnerungskonschtwierk steet, huet elo seng eege Plaz op Lëtzebuergesch. Eise Merci fir den Här Ambassadeur Georges Faber an den Historiker-Direkter Steve

Kayser, deenen äre Schreiwier natierlech gär fir d'Iwwersetzung ugepaakt huet... **eis Sprooch: Erkennungsmaark fir eist Land a seng juddesch Affer!**

Iwwer déi selwecht Gedankengang ass de Comité vun der Actioun-Lëtzebuergesch an den 90er Joere mat op de Wee gang, wéi et geheescht huet, **d'Psalmen op Lëtzebuergesch** erauszeginn, déi d'Professere Raymond Schaack a Felix Molitor mat de Consultatioune vum Här Bëschof Jean Hengen an dem Här Rabiner Emmanuel Bulz iwversat haten, net nëmme reliéis Texter, WELTLITERATUR!... dem Marc Chagall seng herrlech biblech Biller hunn deem Ganze wierklech e wertvollen Hannergrond ginn. Et guffen der genuch gedréckt, fir datt jiddereen se och nach haut kréien a verschenke kann. Hei dann d'Biller, fir des zwou Initiative fir eis Sprooch „heibannen an dobaussen“ ze weisen.



## D'Lëtzebuergesch an der Chamber

Wat d'Sprooch ugeet, do hu mir **zënter Joer an Dag ganz gutt Relatioune mat eiser Chamber.** Hei maahe mir ni en Ënnerscheid tëscht politesche Parteien, well d'Lëtzebuergesch ass jidfer Partei hir Sprooch. Ee Prinzip ass an dëser Saach wichteg: Eis National-sprooch aus de Kazereien oder Profilneurosen tëscht politesche Fraktiounen a Gruppéierungen erausloosen; wa schonn, da soll dat bannent de Commissiounen geschéien.

Natierlech kann ee verstoen, datt dësen oder deen eenzelen Deputéierten oder eng Mini-Oppositiounspartei sech, nach méi bësseg wéi de Léiw a blénkeg-poléiert rout-wäiss-blo als „Gëlleguedskand“ fir eis Sprooch wëllt/muss profiléieren... ower der Saach bréngt dat rosewéineg, wann net esouguer de Contraire. **Eis grouss Hoffnung: D'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an der CONSTITUTIION,** zesumme mam Franséischen an dem Däitschen am offiziellen, administrativen a juristesche Gebrauch. Net méi, ower och net manner!

De Membren an alle Frënn  
vun eiser Sprooch

wënscht d'Actioun-Lëtzebuergesch

léif-heemlech Feierdeeg

an en zefriddent NEIT JOER 2015!



Eis Sprooch

Am selwechte Joer, wéi eis Sprooch an d'Gesetz komm ass, kruten déi lëtzebuergesch Qualitéitsprodukter en intelligenten, offizielle Logo, e Label, en nationaalt Markenzeichen; och haut nach, no 30 Joer, wëlle mir dem deemolege Staatssekretär Paul Helminger an dem Chef vun der Handels-Chamber Henri Ahlborn op eng originell Fassong dofir merci soen.

## Stëbsen, saugen, suckelen

Sidd dir iech bewusst, **wat mir alles rondrëm STËBS kënnen maachen?** Mir stëbsen einfach, wann et heescht, de Stëbs ewechmaachen (*abstauben, épouseter*). Dofir ass et iwregens net esou wäit dolaanscht, wann dee blöde „Staubsauger“ op Lëtzebuergesch „Stëbsmaschinn“ oder einfach „Stëbsert“ genannt giff ginn... well **mir „saug“ guer a glat näischt;** „suckelen“ ass an deem Zesammenhank iwverdrifwen, well dat sech am Lëtzebuergesch nëmme op Flësseges oder Genësseges (eng Suckel) bezitt; dobäi kann ee freche „Suckeler“ och nach eng „an d'Suckel“ kréien.

Denkt och emol driwwer no, watfir aner Bedeitung d'Verb «stëbsen» an eiser Sprooch nach huet, z. B. „hien huet eng gestëbst“; wéi de Papp heemkomm ass, dunn „huet et gestëbst“, da krute mir vläicht den „Dokes gestëbst“; hie war presséiert an ass „séier gestëbst“... probéiert dat emol Wuert fir Wuert op Däitsch ze iwversetzen; dir laacht iech wënsch (?)... d'Lëtzebuergesch aarm?

## Zréck, zréck, zréck... a keen Enn!

De fréiere Minister Robert Krieps – deen der Schreifweis vum Lëtzebuergesch uganks vun de 70er Joeren definitiv eng offiziell Basis geschenkt huet an dofir och d'Sëlwer Éiereplack vun der A.L. krut – konnt sech zudoud iwver dat lazeit „Gezrécks“ iergeren/„entzannnen“. Hie giff dat och nach haut! Am selwechte Streech dierf een drun erënnere, datt mir u keen „zréckdenken“, a wann hien äis nach esou léif war; mir „gedenken“ och kengem, mä denken einfach erëm un hien/si. Soll dat méi feierlech wierken, oder wat? An déiselwecht Rëtsch gehéiert dat „Ausdrücke“ vu Bäileed, aplaz et einfach ze „soen“... mir drécke just Gebeess oder Sauermais aus ☺ Dat bescht Rezept: Einfach bliwwen, och schrëftlech oder an enger Annonce!

Dir kënnst elo soen/mengen, déi Klenggekeete wieren dach net wichteg... mä **just esou Butzeknäzelen huelen eiser Sprooch hirt typescht Gesicht: zréckkommen, zréckginn, zréckdenken, zréckhalen, zréckfueren, zréckruffen** asw.... do hu mir ower zwee „Zauberwierder“, déi am Lëtzebuergesch souzese „Speis tëscht den Zille“ sinn: HANNESCHT an ERËM! Ass et esou schwéier, dat wëllen ze verstoen?

## An d'Klapp!

Bedenkt emol, **wéi flott/léif mir äis an eiser Mammesprooch kënnen ausdrécken, wann et heescht, an d'Bett ze goen:** D'Kënncherer ginn an d'Dada, vläicht och an d'Heia; méi grousser ginn an d'Klapp, op de Matratzebal, ënnert den Diwwi; an der Zäit hunn se och alt vun der „Fatzekëscht“ geschwat, well fir vill Leit eng Matratz ze deier war... an d'Kanner duefir och d'meescht an engem „Kuewebettche“ geleeën hunn.